

# Rapport vun der CCSort 7/2021

## Presenzen

Present	Net present
Nicole, Manou, Patrick, Joske, Marcel, Anny, Pit , Joe an Miguel	Mich(ofgemellt) Pier(Entschëllegt per Mail den 14. Dezember 2021)

## Punkt 1 : Usproch vun der Presidentin

D'Nicole begréisst all d'Memberen vun der Kommissioun.

Zousätzlech gëtt de Buergermeeschter begréisst, deen och un eiser Sëtzung deelhëlt.

## Punkt 2 : Unhuelen vum leschten Sëtzungsbericht

De Sëtzungsbericht vum 25. November 2021 gëtt unanimm vun der CCsport ugeholl.

## 3)Feedback vum Schäfferot-AVIS<Waasserspender, 25.10.21>

Den Här Buergermeeschter erklärt der Kommissioun, firwat dësen Waasserspender net op Béiwen(US Béiwen) installéiert gouf.

D'Kommissioun hëllt dës Erklärung zur Kenntniss an schléisst mat dem Thema <Waasserspender> oof.

## 4) Eierung Charel Grethen

Wat d'Eierung vum Charel Grethen ugeet, steet de Schäfferot mat him an Kontakt. Ufanks 2022 sollt/misst eiser Meenung no eng Decisioun geholl ginn, wéini an ënnert wéi enger Form hien soll geéiert ginn.

## 5) Plage-Horaires(Sportshal) Proposen vun der CCSport

Wat eis gefroten Stonnen an der neier Hal uginn, samschdes moies (09h00-12h00) ass ze bemierken, datt mir dës reservéiert/konfirméiert kruten en vue vun eisen Aktivitéiten, déi mir an noer Zukunft als CCSport ubidden wäerten.

Ënnert anerem sinn Nimm vun folgenden Aktivitéiten an eiser Versammlung gefall, déi eventuell ugebudden kéinten ginn

- 1) Streetracket
- 2) Rugby (indoor/outdoor)
- 3) Spinning( Funktionelles Training, Infinity)
- 4) Joga(verschidden Arten)
- 5) Ping Pong > Dëschtennis
- 6) Zirkusschoul
- 7) Badminton asw.
- 8) Kampfsport wéi z.B. Tai Chi asw.

Wéi soll dat Ganzt oflaafen? Mir sinn eis och als CCSport bewosst, datt dës Aktivitéiten net kënnen Gratis ugebueden ginn, vu datt dëst ëmmer ënnert der Leedung vun geschultem Personal stattfënnt.

Folgend Proposen sinn an eiser Versammlung unanim approuvéiert ginn:

-1ten Cours(Aktivitéit) soll fir näischt sinn> GRATIS

-Duerno eegen Participatioun(carnet/Jeton)

De Virdeel bei den Jetonen, respektiv bei den Carneten ass, datt ee just bezuelt, wann een och effektiv participéiert!

Wat déi verschidden Sportarten uginn, déi mir ubidden wëllen, haten mir als Kommissioun d'Reflektioun, datt mir dës eventuell an engem Roulement vun 6 Wochen ubidden wëllen an duerno d'Sportart wiesselen. All dës Sportarten sollen am Loisirsberäich bleiwen. Dat ass der Kommissioun wichteg.

Wat den Participatiounsalter vun deen verschiddenen Aktivéiten ugeet, muss jeweils mat den Coachen/Traineren ofgeklärt ginn. Dëst hänkt natierlech vum jeweilgen Sport of!

Fir déi nächst Versammlung(12.01.22) ginn 4 Persounen agelueden fir sech virzestellen, dës an folgenden Beräicher

-Personaltrainer gëtt kontaktéiert vum Manou

-Krav Maga gëtt kontaktéiert vum Manou

-Zirkusschoul gëtt kontaktéiert vum Pit

-Badminton gëtt kontaktéiert vum Nicole

D'Kommissioun huet festgehal, datt mir den 22. Januar 2022 Hal kucken ginn. Den Steve Rollinger gëtt nach gefrot, datt hien eis d'Hal presentéiert, dëst fir ee kléngen Abléck ze kréien, wat vun Matériel do ass.

Mir treffen ons um 10.15 Auer fir d'Visite vun der Hal a ginn duerno zesummen iessen an de Relais Bausch, géint 12.00 Auer. D'Anny reservéiert beim Pele Bausch. De BON 50€ offréiert vun der Gemeng fir all CC Helperknapp - Member gëtt fir dëst lessen consideréiert.

## 6)dëse Punkt gouf vun der Dagesuerdung gestrach!

## 7)Verschiddenes

-D'Presidentin mecht d'Reflexioun, datt den ROI vun de CC Helperknapp a verschiddene Saachen misst nogebessert ginn a si beriff sech op d'Reunioun vum CC Helperknapp ( Punkt 11 ) datéiert op den 18ten November 2021.

De Buergermeeschter hëllt dat zur Kenntniss an informéiert d'Kommissioun, datt den ROI d'nächst Joer an enger Gemengensetzung diskutéiert gëtt.

-Mir wëllen de Gemengeresponsablen merci soen, datt d'Pétanque's Piste amenagéiert ginn ass.

-Zousätzlech gouf een neien Iwwerdag installéiert, wat de Leit et erméiglecht sech bei Reen ënner Daach ze stellen.

Versammlung ass ënnert dem CovidCheck-System(3G) ofgehaal ginn.

Déi nächst Versammlung ass fir den 12. Januar 2022 ëm 20 Auer an der Koll virgesinn.

mat sportlechen Gréiss

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport